

dat Kanner sinn, déi eng Behënnung hunn, ob dat Kanner sinn, déi verhalensgestéiert sinn, ob dat ass, wann an der Koppel selwer Problemer dra sinn. Ech denken awer, datt vill Leit net ëmmer wëssen, wat et alles gëtt.

Op där anerer Säit hu mer an deene leschte Joren zesumme mat dem Kannerschlass vu Suessem dat, wat een nennt eng Eltere-schoul, ageriicht, wou mer wëllen deenen Elteren, ob se bestuet sinn oder net bestuet sinn, d'Méiglechkeet ginn, datt se eng Plaz hunn, wou se sech kënnen informéiere goen, wou se mat anere Leit kënnen driwwer diskutéieren, wat fir Problemer sinn, a wou mer domadder hoffen deene Leit eng Äntwert ze ginn, ier et ze spéit ass. Well, wa bis eng kéier d'Familljen ausernee gebrach ass, dann ass kee Service méi, dee se beienee kritt. Mä ech denken, datt et méi wichtig ass, datt een am Virauser kuckt, datt een dat e bësselchen do vläicht ka verhënnern. Wéi gesot, ech wëll elo net mer Illusionen iwwer esou eppes maachen. Mä et soll ee weinstens probéieren och Hëllefstellung an deem Sënn ze ginn.

Dann ass geschwat gi vun engem Weglaufhaus. Ech wëll drun ernëren, datt mer e Meederchershaus hunn, wat een och kann, wann ee géing wëllen, als Weglaufhaus kënnt an engem wäite Sënn...

**(Interruption)**

Jo, et ass eppes anescht. Mä de Problem vun all deenen Haiser ass: Wien ass dann zustänneg, wa Jugendlecher ënner 18 Joer kommen? An et kritt een e bësselchen Erfahrung vum deem Meederchershaus, datt dat am Ufank grouss Problemer ware mat de Geriichter, déi gesot hu mam Jugendschutz: „Wéi ass dat da méiglech, datt Dir op emol Kanner do ophuelt? Dir hutt keng Autoritéit fir déi Kanner.“ Kanner, déi zum Beispill och fortgelaf sinn zu Schraasseg an Dräibur. Dat ass alles e bësselche méi komplizéiert wéi esou. Dat verhënnert...

**(Interruptions)**

Mir fänke se néierens op. Well et ass kee komm.

■ **Une voix.**- Jo dach, et sinn der awer do komm. Also...

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Neen, et ass keen Eenzege komm. Mir hunn...

■ **Une voix.**- Da sinn d'Informatiounen vum Terrain falsch.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Jo. Also ech hu gesot kritt, bis elo wier keen do gewiescht. Well, wéi gesot, dat ass jo dann eppes anescht wéi eppes, wou een da ka soen, punktuell während dem Wenter kann een esou Saache maachen, mä ouni datt een awer all Mënsch an all deenen do ëmmer ka Satisfaktioun ginn, wat vläicht gutt gemengt ass, mä, wéi gesot, wat méi komplizéiert awer anze-richten an och juristescht ofzesécheren ass wéi dat doten.

Ech géing virun allem wëlle vun dëser Plaz aus all deenen Direkteren an all deene Leit, déi doranner schaffen, e grouse Merci soen, well et ass eng ganz schwéier Aarbecht, déi doranner gemaacht gëtt. Et ass eppes, wou ee muss 24 Stonnen op 24 schaffen. Déi Leit sinn net samschdes a sonndes fräi. Déi kënnen net, wa se heem ginn, all hir Suergen do loossen, déi se se erlieft hunn. An dofir denken ech, ass et och wichtig, datt mer déi Formations continues maachen, fir eben och ze verhënnern, datt dat Personal ze fréi an de Burn-out kënnt. Dann denken ech, datt et richtig ass, datt mer spezifesch Angebote brauchen, wat och verschidde schwierig Fäll ubelaangt.

Mir kënnen net fir jiddereen a fir all eenzelne Fall an eenzel Krankheet an eenzel Verhalensstéierung en eegent Haus schafen. Mä ech denken, datt et wichteg ass, datt mat deene Leit, déi doranner schaffen, esou Formatiounen gemaach ginn, datt se eng ganz Partie vu Problemer awer kënnen opfänken op där enger Säit an op där anerer Säit, et och méiglech ass, datt mer vereenzelt zousätzlech Strukturen awer schafen, déi méi spezifesch sinn, fir eben och Kanner mat Problemer an déi verhalensgestéiert sinn, kënnen opzefänken.

Domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, si mer wäit ewechkomm vun deem, wat mer de Mëtteg wéi gesot sollten hei maachen. Mä ech denken, datt et eben eng gutt Geleeënheet ass, fir awer nach eng kéier op déi Problemer, déi d'Kanner hunn, virun allem opmierksam ze maachen. Do kann ech jidderengem versécheren, datt et bei mir net de Problem ass och fir deenen eenzelne Leit déi Fräiheeten ze ginn, déi se brauchen, fir kënnen do déi Aarbechten ze maachen, ob dat an der Innovation, an der Recherche ass oder och fir ze léiere mat de Suen ëmzegoen an och mat anere Saachen, datt se och léieren Haushalt ze féieren an ze maachen, well och dat ass wichteg. Wann een dat net kann, dann hëlleft et och nach näischt, wann ee mat de Sue kann ëmgoen. Dann huet een der senger Liewen net genuch.

An deem Sënn géing ech lech wierklech merci soen, datt mer dat awer haut géinge gestëmmt kréien a mech drop freeën, datt dann domadder dee Schrëtt och fir déi staatlech Kannerheemer gemaach ass.

■ **M. le Président.**- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5174 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)**

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes (par M. Théo Sten-debach), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zannussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann un den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet de loi 4988 iwwert d'Käschten am Beräich vun de Fleegeheimer. D'Riedezäit ass och hei nom Modell 1 festgeluecht a fir d'éischt kënnt de Rapporteur. Als Rapporteur ass virgesinn den honorabelen Här Deputéierte Jean-Marie Halsdorf. Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 4988 - Projet de loi autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit

**Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse**

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4988 ass e Projet de loi, dee grad esou vill Unanimité bruecht huet an och bréngt an der Kommissioun, wéi dee Projet, dee mer elo grad diskutéiert hunn. Ech géif och dofir, wat den Detail vun deem Projet ugeet, mengen, sollt een am schrëftleche Rapport oder am Rapport parlementaire an och an den Avisé vun de Berufskummeren nolliesen.

Et sollt een, wann een dëse Projet kuckt, am Fong geholl deen hellege Grondprinzip, dass den Accès vun deene villen Alters- a Fleegeheimer ëmmer muss no soziale Kritäre méiglech bliwen, ëmmer virun Aen hunn. An ech géif och mengen, dëse Projet géif an déi Richtung goen. Dëse Projet ass am Fong e Stéck vun aktiver Sozialpolitik, wat de Leit Rechter a Garantie schaaft, déi mer och musse fir d'Zukunft garantéieren.

D'Erfahrungen, déi an de leschte puer Joer gemaach gi sinn, sinn an dëse Projet agefloss, an dëse Projet muss een an der Komplementaritéit gesinn zur Fleegeversécherung, zum Lëtzeburger Modell, dee sech finanziell bewährt huet. Dat hu mer jo gesinn am Kader vun der Fleegeversécherung, wou mer 1% vun de Revenuen ofginn a wou mer mat 0,81% géifen auskommen an och um Terrain sinn hei weéneg Problemer.

Dëse Projet soll d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 abrogéieren. Dat Joer 1998 ass jo dat wou ganz vill an deem Beräich sech zu Lëtzebuerg gedoen huet. Do hate mer fir d'éischt d'Gesetz vum 19. Juni 1998, wou d'Fleegeversécherung agefouert ginn ass. Duerno hu mer den Établissement public unique gemaach fir d'Maisons de soins an och fir d'Centres intégrés fir Personnes âgées an datselwecht Joer hu mer och dat berühmten ASFT-Gesetz hei an der Chamber gestëmmt. Dat war deemools den 8. September.

Am Fong geholl hu mer mat deem Gesetz eng wichteg Mesure vu sozialer Solidaritéit. Mir ginn deem

eenzelen eelere Bierger eng Garantie, dass en, och wann en ofhängeg gëtt, eng Prise en charge kritt, wou d'Qualitéit am Mëttelpunkt steet. Dëse Beräich sollt ee wierklech net vernoléisseg. Dëse Beräich - ech hunn am schrëftleche Rapport Chiffere bruecht - muss ee sech virstellen. Do si 4.500 Better, déi op den 1. Juli 2003 hei am Land geschaf goufe vum Ministère. Dat ass en décke Batz. Mat 63.140 Leit, déi méi wéi 65 Joer haten, mécht dat eng Kapassitéit vu 7,13%. Do si mer vill vill besser wéi déi aner Länner an der EU. Dat sollt een och emol eng kéier op dëser Tribün soen.

De Stater seet, mir bräichte fir 2010 5.480 Better. Wann ee weess, dass elo iwwer 1.350 Better nees an der Maach sinn, wann ech dat därer esou soen, da géif een op 5.855 Better kommen. Et gesäit een also, dass déi Politik, déi vun deem Familljeministère gemaach ginn ass, no vir kuck a Garantie gëtt, fir dass mer do sécherlech keng Beschränkungen oder keng Problemer an den nächste Jore kréien.

Wat de Projet als solchen ugeet hu mer fir d'éischt an der Kommissioun vill iwwert den Intitulé diskutéiert an do ass och da festgehal ginn, dass déi Terminologie vu Centres socio-gérontologiques a Foyers de jour psychogériatriques net zrëckbehale gëtt. Dofir ass en neien Term an den Intitulé komm, nämlech dee vum Établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit. Dat ass och ee vun deene stationäre Beräich, deen heimat ofgedeckt gëtt. Déi aner zwee, dat ass dee vun de CIPA, vun de Centres intégrés pour personnes âgées an dee vun de Maisons de soins. Des Weidere spillt dëst Gesetz och am Kader vum Hébergement an engem Spildol an dat nom Artikel 17 vum Code des Assurances sociales.

En anert Element, dat an deem Gesetz hei ugaange gëtt, ass dat vun den Akten, déi musse pres-téiert ginn. Wéi eng Akte sinn elo obligatoresch? Do gëtt sech baséiert op déi zéng Akte vum Accueil, déi jo 1999 an enger Broschür, déi de Ministère erausginn hat, zrëckbehale goufen. Ech wollt der e puer nach eng kéier opzieren: d'Hôtellerie, d'Sécherheet, d'Gesondheet, d'Santé, déi sozio-kulturell Animatioun an och déi philosophesch a spirituellt Assistenz an d'Qualitéit vum Encadrement. All dës Elementer sollen elo hei obligatoresch an engem Forfait festgeluecht ginn an dann am Basispräis abegraff sinn an dat soll geschéien iwwer e Règlement grand-ducal. Dat war am Gesetz vum 1998 net esou prezis. Hei soll dat dann esou sinn an dat ass do-raus entstanen, well verschidden Haiser zousätzlech Leeschtungen bruecht hunn, déi se am Forfait hatten, déi anerer net dran haten, zum Beispill d'Opstelle vun Dossieren, wann d'Patienten opgeholl si ginn oder och d'Dränkwaasser ass a verschiddenen Haiser am Forfait dran, an aneren net. Dofir gëtt hei versicht eng transparent a konsequent Haltung ze hunn.

Och d'Qualitéitskritäre si verschidden. Wat ass zum Beispill e Confort bei enger Wunneng? Wéi ass et mat der Animatioun an deenen eenzelnen Haiser? Wéi ginn d'Kompetenzen vum Eenzelne gefördert an deenen eenzelnen Institutiounen oder wéi geschitt déi sozial Integratioun am aktiven an am passive Sënn vum Eenzelnen? Et gëtt also vill Modeller de Moment, déi sech entwéckelt hunn a verschidden entwéckelt hunn an all Richtungen an hei gëllt et elo am Fong geholl kloer Linnen ze zéien, Kritären ze schafen, a Mindeststandarde festzeleeën.

Da ginn och Kritäre mat deem Gesetz fir de Complément festgeluecht. Do gëtt d'Héicht festgeluecht vun engem maximalen a vun engem minimale Saz an dee muss dann esou festgeluecht ginn en

fonctioun vu gemeinsame Mindestkritären oder Mindeststandarden, wat ech elo grad gesot hunn, an dës Leeschtungen, déi geschaf ginn an déi gi ginn, musse qualitative Mindestkritären entsprechen. Déi mussen och évalabel sinn, si mussen also novollzéibar sinn en fonctioun vun dëse Standarden.

Sécher muss et och esou sinn, dass déi Leeschtungen sech am Fong geholl normal mussen aus der Missioun vun enger Maison de soins oder vun engem CIPA eraus erginn an déi mussen dann dee Moment an deem Basisforfait sinn. An de Geescht vum Gesetz wëllt och, dass déi sozial Subventiounen, déi niewent der Allocation vum Fonds national de solidarité an Usproch geholl ginn, mussen ausgeschloss ginn.

Et ass de Moment och esou, dass d'Leeschtungen net ëmmer d'selwecht sinn. Doduerch gi verschidde Supplémenter bei deenen enge verrechent, bei deenen aneren net. Doraus entsteet eng gewësse Concurrence déloyale. Et gëllt déi ofzeschaffen. Ech géif soen, d'Stéchwuert muss sinn, dass muss eng gewëssen Transparenz si wat de Pensiounspräis ugeet. D'Famill oder dat soziefamiliaalt Ëmfeld muss kënnen novollzéien a gesi wat do geschitt an och de Stat als Kontrollorgan, dee jo hei cofinanzéiert, muss d'Konditiounen, ënnert deenen dës Soinë gemaach ginn, kënnen novollzéien.

Dann en anert Element wat mat deem Gesetz och an Ugrëff geholl gëtt, ass, dass et en neie Modus gëtt fir de Complément festzeleeën. Dat ass virun iwwert d'Budgetsgesetz geschitt mat engem maximale monatleche Referenzbetrag. Wann d'Servicer natierlech erofginn, no verschiddene Qualitéitskritären, déi vun Infrastrukturen oder vun den Effektiver oder och vun der Qualifikatioun vum Personal, da geet dëse Montant natierlech och erof. Mat deem Gesetz hei ass et esou, dass e monatleche Basispräis festgeluecht gëtt. E steet am Gesetz ënner Montant minimum en soins de référence, also e Mindestreferenzbetrag pro Mount.

Dee gëtt als Rechebasis geholl, fir dann eben e Montant maximum festzeleeën, dat heescht, e maximale Betrag fir d'Leeschtungen am Kader vum Accueil, also am Kader vun der Participatioun vum Fonds national de solidarité, an dee monatleche Referenzbetrag läit bei 248,48 Euro, Index 100 an do derzou gëtt da fir de Complément ze rechnen - dat steet am Text ënnert dem Numm: montant immunisé - en immuniséierte Betrag, e sou genannt Täschegegeld errechent. Dat ware bis dato 35 Euro Index 100.

Do war d'Iddi opkomm fir en zweete Montant festzeleeën, well gestallt ginn ass, dass dës Suen oft gebraucht gi fir Entretien vun der Wäsch oder fir perséinlecht Gezei, fir d'Begleedung vun Dokter oder fir administratif Démarchen, déi net am Prix forfaitaire waren. Dofir war am Originalgesetz och e monatleche Supplément fir individuell Kompetenz dran.

De Statsrot war awer net d'accord mat dëser Approche an d'Kommissioun huet deem och noginn, esou dass am nächste Règlement grand-ducal, deen dëst soll regelen, wahrscheinlech déi zwee Betrag dann an engem Betrag, an deem Montant immunisé sinn. Dat wäerte 35 Euro si fir de Montant immunisé an 22 Euro fir de fréieren individuelle Kompetenzsupplément. Dat wäerten dann 57 Euro sinn. Dat heescht d'Täschegegeld vun deem Eenzelnen geet méi an d'Luucht. Et ass ganz wichteg dat hei ervirzehiewen. Déi eenzel Persoun, déi dëst Täschegegeld kritt, kann dat huelen. Wa se déi Leeschtungen selwer mécht, da kritt se déi Sue fir sech. Wa se se vun enger tierce Persoun maache léisst oder vun hirem Ëmfeld, da kréien déi déi Suen, respektiv wann dat Haus, an



deem se dran ass, dat mécht, da kritt dat natierlech déi Suen.

Wat och nei ass an dësem Gesetz, dat ass, dass e Complément festgeluecht gëtt bei Koppelen, also bei zwee Partner. Wann ee vun de Partner an der Institutioun ass an deem anere bleift doheem, am 98er Gesetz ass et keng esou Dispositioun ginn, an dësem Gesetz ass eng Dispositioun dran an dat ass aus der Erfahrung erauskomm, dass dëst oft an der Realitéit de Fall ass, besonnesch a Maisons de soins ass et esou, dass ee Partner doheem bleift an deem aneren an d'Institutioun kënnt. Dofir gëtt hei e Splitting mat dësem Gesetz agefouert, deem am Fong geholl d'Recteten oder d'Einkünfte vum Stot opdeelt, wou déi finanziell Chargen dann, déi eventuell kënnen existéieren, abezu ginn, an da gëtt e Mindestbetrag par analogie zum RMG fir dee Partner festgeluecht, deem doheem bleift. Dat ass och e wichtegt neit Element a schliesslech ginn och all dës Beträg no der Evolutioun vum Index ugepasst.

E leschten Aspekt, deem och am Originaltext war, war dee vun der Immuniséierung vun den Aktivaë bei de Successione fir déi direkt lervwen. Hei sollt och par analogie zum RMG eng Immuniséierung geschéie vun 29.747 Euro Index 100. Do war de Statsrot awer net domat d'accord, esou dass déi och erausgeholl ginn ass. Kloer ass et awer ëmmer, wann Hypothéiken op Immeublé sinn, esou laang ee Partner an deem Immeuble wunnt, kann den FNS, de Fonds national de Solidarité, seng Rechter net akloen.

D'Avisé vun de Beruffskummeren, hat ech gesot, sollt een noliesen. Et kann een héchstens soen, dass dee vun de Fonctionnaires deem eenzege war, dee méi restriktiv war.

Ech wollt nach kuerz op zwee Avisen agoe vun der COPAS an och vun dem Conseil supérieur des personnes âgées. D'COPAS ass net d'accord mat där 60-Deeg-Klausel fir verschidde Leit auszuschléissen. Si ass och net d'accord - doriwwer kréie mer och herno eng Motioun vum Här Lux, wou eng grouss Unanimitéit war -, dass am Fong geholl déi Qualitéitskritären, déi hei sollte mat dësem Projet festgeluecht ginn, dass déi sollten an en neie Gesetzestext gesat ginn, respektiv an d'ASFT-Gesetz. Dat soll och esou geschéien. Do war eng Unanimitéit mam Statsrot, mat der COPAS, mat allen Institutiounen, déi gemengt hunn, et misst een an déi Richtung goen.

Et gëtt och bedauert vu Verschiddenen, dass déi Leeschtungen ebe vum Accueil obligatoresch sinn. Do gëtt gemengt, do kënnt de Maart net spillen. D'Prestatiounen géife keng absolut Garantie bréngen op där enger Säit fir sécherlech d'Prestataire, mä et wär keng Autonomie méi do an dat wär net gutt. Nun, et muss een elo kucken, wat d'Realitéit do bréngt. Dat sinn e puer Wierder zu deem, wat d'CO-PAS seet.

Wat de Conseil supérieur des personnes âgées seet, dee war d'accord fir déi 60- Deeg-Klausel anzeféieren, déi mer herno nees erausgeholl hunn. Mä si waren der Meenung, et misst een onbedéngt eng sozial Tarification kréien an engem Gesetz, en Dispositif, fir déi finanziell Hëlfelefen aneschtens ofzeweckelen. Dat muss een elo kucken, wéi de Ministère domat eens gëtt. Kloer ass, dass déi 60-Deeg-Regel, géint déi de Statsrot eng Opposition formelle wollt maachen, dass mer déi erausgeholl hunn. 60-Deeg-Regel, dat heescht, et war esou geduecht, dass nëmme Leit kënnte vum FNS profitéieren, wa se mindestens 60 Deeg an esou enger Institutioun wäeren.

Do ass awer dann déi Opposition formelle komm vum Statsrot, dee gemengt huet, doduerch géifen och ganz vill Leit dann an d'Spieler goen, fir en Hébergement ze kréien. Dat wär net de Sënn vum

Gesetz an et wär och net de Sënn vum Gesetz fir administrativ Argumenter ze huelen. Et ass nämlech gesot ginn, et wär administrativ ze vill opwändeg bei kuerze Séjoursen a stationäre Statiounen fir dat esou duerchzezéien an dofir missten déi 60 Deeg agefouert ginn. Och do war de Statsrot net d'accord. Hien huet gesot, dass jiddferee gläich wär virum Gesetz. An dofir huet d'Kommissioun dann och dëst Gesetz esou gestëmmt, dass jiddferee vum éischten Dag u vum FNS ka profitéieren.

Wat de Qualitéitsprinzip ugeet, war de Statsrot och der Meenung, et sollt een also dëst an engem Gesetz maachen, doriwwer kënnt herno d'Motioun vum Här Lux, an d'Uwendungsfeld, dat mer jo op d'Maisons de soins an d'Centres intégrés limitéieren, do wollt och de Statsrot keng Ausweidung, wat mer och net gemaach hunn.

Esou dass ech muss soen, dass dëse Projet e gudder Projet de loi ass am stationäre Beräich. Et kënnt een och vläicht ähnlech Iwwerleeunge eng Kéier am ambulante Beräich uféieren. Do gëtt et jo och sozial Tarificationen, déi sinn och nach net esou konsolidéiert an och hei kënnt ee vläicht eng Konventionéierung an d'A faassen. Kloer ass et, dass dëse Projet de loi e Plus bréngt. E wäert eng grouss Unanimitéit heibanne fannen an en huet déi grouss Unanimitéit schonn an der Kommissioun fonnt. Dofir géng ech lech och bieden dëse Projet ze stëmmen. Ech géif an engems och den Accord vu menger Fraktioun, der CSV, bréngen.

Ech soen lech merci fir d'Opmierksamkeit.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Halsdorf. Als éischte Riedner ass den Här Lux ageschriwwen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Lucien Lux (LSAP).**- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur, deem ech merci soe fir déi Aarbecht, déi souwuel an der Kommissioun wéi och an deem schréfflechen an an deem mündleche Rapport gemaach ginn ass, de Kolleeg Halsdorf, huet drop higewisen, dass dat hei e Projet ass, wou et eng grouss Unanimitéit an der Kommissioun an eisen Aarbechte gouf. Ech mengen, dat kann ee bestätegen. Unanimitéit och, well mer eis hei an engem Kader bewegen, wou sech dach an de leschte Joren an der politescher Szen eng Befriedigung gemaach huet no deenen oft polemischen Diskussionen, déi mer an de Joren 1997 bis 1998 zu eenzelne Sujeten hatten. Ech war frou ze liesen am Rapport vun der Kommissioun, dee jo unanime ugeholl ginn ass, also och vun deenen, déi deemools polemisiéiert hunn, dass d'Joer 1998, wann ech et gutt am Kapp hunn, als eng Année charnière dohinnergestallt gëtt, do, wou u sech véier Projekten zusemmefléissen, déi dann dorausser e grousser Piller vun eiser Alterspolitik maachen.

Déi véier Projetë ware jo haapt-sächlech de grousser Pivot vun der Fleegeversécherung. Mä ech mengen och déi Projetë ronderëm d'ASFT-Gesetz, also all déi Regeln, déi d'Relationen tëscht dem Stat an den Organisme behandelte wéi och den Établissement public, dee geschaaft ginn ass fir all déi staatlech Institutiounen an ee Kader ze vereenegen, a schlussendlech dann och eben dat Gesetz, wat mer haut ëmännere vun 1998 aus dem Dezember, wou de Fonds national de solidarité d'Autorisation kritt huet, fir beim Pensionspräis am Prinzip vun der Solidaritéit matzehëllefen.

E Konsens ass et vläicht awer och, well mer müssen definitiv gesinn, dass säit der Mëtt an Enn der 70er Jore sech en demographesche Wandel mécht, deem engersäits

d'Entwécklung huet, dass eis Gebuerterat stänneg niddreg ass - doriwwer, mengen ech, de Mëtten anzegoen ass net Plaz -, mä op där anerer Säit och de Fait, dass d'Liewenserwaardung steigt. Ech mengen, et ass, wat d'Liewenserwaardung ubelaangt, eng erfreeslech, eng positiv Entwécklung, et soll een dat net pejorativ dohinnerstellen. Dat bréngt natierlech vill Problemer mat sech, mä ech mengen, et ass awer eng formidable Réussite vun eiser Gesellschaft, dass mer alleguer d'Chance kënnen hu fir méi al ze ginn.

Ech mengen, déi erfreeslech Entwécklung féiert awer dozou, dass de Prozentsaz vun den iwwer 60-Jähregen op iwwer 30% amgaang ass ze steigen. Wann een dat an den Zuele kuckt vun der Europäescher Unioun, deenen heitege 15 Länner, dann hu mer 70 Millioune Leit, déi 60 oder iwwer 60 Joer al sinn. Dat mécht haut, wéi gesot, schonn ee Fënnelftel vun der Bevölkerung aus. Wann een däréi Entwécklung do weiderkucken, da gesäit een, dass d'Zuel vun den 80-Jähregen, déi, déi also hei wierklech an d'Situatioun komme flegebedürftig ze sinn an op eng Solidaritéit ugewise sinn, och enorm wäert an d'Luucht goen. Am Joer 2020 gëtt gerechent, dass d'Zuel vun den iwwer 80-Jähregen innerhalb vun der Europäescher Unioun schonn iwwer 20 Millioune Persounen wäert leien, wat en Ustieg ass - fir déi lescht Zuel ze soen - säit 1960 vun 300%.

Ech mengen, dat weist also drop hin, dass mer hei gefuerdert sinn. Déi Strukturen, déi geschaaft si ginn, wéi gesot 1997 an 1998, an dann Ufank 1999 a Kraaft getratt sinn, ware scho wichteg. Ech hu gesot, hei ass e ganz wesentlechen Akt vu Solidaritéit vun der Gemeinschaft, dee spillt par rapport zu deene Leit, déi eng Hëllef kréie fir de Pensionspräis, fir deene kënnen eng Ennerstëtzung ze fannen.

Ech ginn net méi nach eng Kéier an op déi eenzel Detailler, déi an der Kommissioun an och de Mëtten hei e grousser Konsens wäerte fannen. Si schafe virun allem vill méi Kloerheet, si schafe vill méi Transparenz. Doduerch schafe se och vill méi Méiglechkeete besser ze kontrolléieren, souwuel, wat de Stat ubelaangt, wéi awer och déi betraffe Leit respektiv hir Familljen an déi Leit, déi sech ronderëm këmmen. A mir wësse jo, dass et oft vill Diskussionen, onnëtz Diskussionen, ronderëm d'Pensionspräisser, d'Hëlfelefen, d'Täschegeld an esou viru gouden, wou ee kann hoffen, dass mer hei elo duerch déi Kloerheeten an duerch déi Transparenz zu enger besserer Situatioun kommen.

Ech wollt ee Punkt just eraushuelen. Den Här Halsdorf huet dat scho gesot, an et gëtt och eng Motioun, déi erfreeslecherweis vun deene fënnel Fraktiounen mat ënnerschriwwen ginn ass an déi u sech dat erëmgëtt, wou mer an der Kommissioun eis driwwer eens waren. Et ass gewosst, dass am Projet initial vun der Regierung virgesi war fir de Critère de qualité an dat heite Gesetz anzusetzen - de Critère de qualité, deem eenzel Organisme scho praktesch op fräiwëlleger Basis amgaange sinn ze maachen, ech mengen, dat wär gutt, a mir waren eis a villen Diskussionen eens. Ech ka mech erënneren un d'Diskussion iwwert d'Fleegeversécherung, déi mer 2002 hei gefouert hunn, wou mer u sech och eis driwwer eens waren, dass mer an déi Richtung misste goen.

De Conseil d'État war - an en hat net Onrecht, muss ee soen - der Meenung, dass dat hei vläicht awer net déi richteg Plaz wär, fir de Critère de qualité anzeféieren. Ech mengen, et ass e Gesetz, wat awer

relativ prezis sech just ëm déi Autorisation d'réint, fir um Pensionspräis de Leit kënnen ze hëllefen. Dofir ware mer d'accord, fir et erauszehuelen an der Kommissioun. An ech mengen, de Rapport schwätzt dovunner, dass mer d'Regierung géife suivéieren an deenen Aarbechten, déi se op deem Gebitt géif maachen.

Mir géifen also de Mëtten zu fënnel Fraktiounen d'Regierung bieten, fir iwwert de Critère de qualité e Projet ze deponéieren, sief et ee Projet à part oder sief et e Projet innerhalb vum ASFT-Gesetz. Ech mengen, dat war och dat, wat de Conseil d'État als zwou méiglech Pisten operluecht hat. Am Avis vun der COPAS waren, mengen ech, d'Organismen och der Meenung, dass dat hei vläicht net déi richteg Plaz wär an och dass een et iwwert dee Wee soll maachen.

Mat der Ministesch wäerte mer de Mëtten net streiden iwwert déi Formule „dans les meilleurs délais“, déi an der Motioun steet. Dass déi Délaien net méi gëlle bis den 13. Juni, schéngt eis evident ze sinn. Ech mengen, hei ass eng Aarbecht, déi dann déi nächst Regierung sollt virhuelen. Ech mengen, et wär gutt, dass mer awer eng Kéier och déi Lacune an deem Mosaik do géifen zoumaachen. Ech mengen, dann hätte mer wierklech e Bild um Niveau vun deem Deel vun der Alterspolitik, wat wierklech an der Chamber hei vun alle Fraktiounen géif gedeelt ginn. Dat wär jo sécherlech wëschenswäert, wa mer dohinner géife kommen.

Merci.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *considérant le projet de loi 4988 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit;*

- *considérant que l'introduction d'un critère de qualité a été retirée du projet de loi 4988 comme suite à l'avis du Conseil d'État du 4 avril 2003 qui, «tout en approuvant le principe même de l'amélioration de l'assurance qualité (...)» estime «que la loi qu'il est proposé de modifier ne constitue pas le cadre adéquat pour ce faire.»;*

- *convaincue qu'une prise en charge globale de qualité des personnes âgées ou dépendantes est d'une importance primordiale;*

- *estimant dans ce contexte qu'une définition de critères de qualité des prestations*

*devra être consacrée dans un texte législatif;*

*invite le Gouvernement*

- *à déposer dans les meilleurs délais un projet de loi portant introduction d'un critère de qualité en matière de prestations de soins, respectivement de déposer un projet de loi modifiant la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (dite loi ASFT) dans le sens voulu.*

(s.) *Lucien Lux, Xavier Bettel, Jean-Marie Halsdorf, Aly Jaerling, Dagmar Reuter-Angelsberg.*

■ **M. le Président.**- Merci, Här Lux. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischte dem Rapporteur, dem Jean-Marie Halsdorf, merci soe fir säi schréfflechen a säi mündleche Rapport.

■ **Plusieurs voix.**- Méi haart.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hunn dem Här Halsdorf merci gesot.

Mir liewen hei zu Lëtzebuerg an engem Sozialstat. Dat heescht, datt genee wéi och an deenen anere westeuropäesche Länner zu Lëtzebuerg eng Sozialpolitik gemaach gëtt, där hiert Haaptzil et ass, méi sozial Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft ze schafen. Dat soll ënner anerem duerch Ëmverdeelungsmoosnamen erreicht ginn. De soziale System, dee mir hei am Land hunn, soll verhënneren, datt Leit oder bestëmmte Gruppe vu Leit duerch dat soziaalt Netz falen.

Ech denken do un de Chômage, deem ee bezuelt kritt, wann ee seng Aarbecht verluer huet, d'Invalidérent, déi ee bezuelt kritt, wann een aus gesondheetleche Grënn net méi ka schaffe goen, oder nach d'Krankeversécherung, geneesou wéi d'Fleegeversécherung, wat alles wichteg Bausteng vun eise sozial System hei zu Lëtzebuerg sinn. Dëst alles si bäitragsofhängeg Leeschtungen.

Nach méi eng grouss Ëmverdelungswirkung hunn awer déi reng sozialpolitesche Instrumenter, wéi den RMG oder de Fonds national de solidarité, iwwert déi mir haut hei schwätzen. Si si wirkungsvoll Instrumenter, déi dozou bäidroen sollen, fir sozial Ongläichgewichter e bëssen auszegläichen. D'Existenz vun deenen Instrumenter ass fundamental, si sinn déi elementar Bausteng vun eise Sozialstat.

Här President, et ass net fir d'éischt, datt hei op dëser Tribün iwwert dëse Sujet geschwat gëtt, deem ënner anerem mat der demographescher Entwécklung hei zu Lëtzebuerg ze dinn huet, an et wäert och sécher net fir d'Lescht sinn, wou mer deem heite Sujet abordéieren. Mä et ass nun emol e Fait, dass d'Bevölkerung hei am Land ëmmer méi al gëtt. Déi logesch Konsequenz dorausser ass dann och, datt ëmmer méi eeler Leit an eiser Gesellschaft liewen an d'Pyramide des âges huet ee Bauch kritt. Dat huet natierlech dann och déi bekannte Répercussionen op eise soziale Sécherungssystem. Dës Konstellatioun bréngt et mat sech, datt d'Nofro no Plazen an den Altersheemer oder Fleegeheemer ëmmer méi klëmmt. Fir där steigender Nofro nozokommen, ass et wichteg, dass genuch Infrastrukturen do si fir d'Demandeuren opzehuelen.

An där Hisiicht ass scho villes geschitt. De Stat, d'Gemengen an och d'Privatubidder hunn an deene leschte Jore vill nei Infrastrukture gebaut. Trotzdeem däréi een net elo op hallwer Stréck stoe bleiwen. Am Rapport vun der Kommissioun steet dann och, datt mir am Moment eng 4.500 Better hei hunn an dass d'Statec dovunner ausgeet, dass mir bis 2010 mindestens eng 1.000 Better méi brauchen. Déi Efforten, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn, müssen also weidergefouert ginn. Elo ass awer gewosst, dass d'Capacitéiten dat Eent sinn, d'Finanzéierung awer eppes aneschtens. Et geet net duer, datt genuch Better do sinn. Mir müssen och kucken, ob d'Leit déi iwwerhaapt bezuele kënnen, a wann dat net de Fall ass, da musse mir dofir suergen, dass si et bezuele kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deem Aspekt, deem an der ganzer Diskussioun hei besonnesch wichteg ass, ass de Qualitéitsaspekt. Et geet net duer, dass vun den Altersheemer Leeschtungen einfach nëmme erbruecht ginn, mä dës Services müssen engem gewëssene Qualitéitsstandard entsprechen. Fir datt dës Qualitéit awer méiglech gëtt, si bestëmmten Equipementer néideg, wat deelweis komplizéiert technesch Apparate sinn, déi net grad bëleg sinn. Ausserdeem ass d'Qualitéit vum Personal, wat d'Leeschtung erbréngt, en zentrale Punkt fir héich Qualitéitsstandarden. Dat heescht, datt d'Qualitéit vun de Leeschtungen insgesamt mat der Qualitéit vum Erbrénger vun där Leeschtung steet a fält.



Dës Qualitéit u Personal ubidden ze kënnen, kascht natierlech och vill Geld. Dat Personal muss eng gutt Ausbildung hunn an och de Facteur Formation continue spillt hei eng wichteg Roll. All dës Käschte spigele sech natierlech an dem Präis erëm, deen een als Pensionnaire an engem Heem bezuele muss. Fir also elo d'Pensionnaire finanziell net ze vill ze belastschen, iwwerhëlt d'Fleegeversécherung en Deel vun de Käschten. Deen aneren Deel awer muss de Pensionnaire aus senger eegener Täsch bezuelen. An do komme mer un de Kär vun der Saach.

Well et an eiser Gesellschaft vill Leit gëtt, deenen hir finanziell Ressourcen net duer ginn, fir dat ze finanzéieren, ass agefouert ginn, datt an deene Fäll de Fonds national de solidarité asprange kann. Esou gëtt och finanziell net esou gutt situéierte Leit d'Méiglechkeet gebueden, fir a qualitativ héichwäertegen Altersheemer ze wunnen. Dofir stoung 1998, wéi dës Regelung agefouert ginn ass, och Folgendes am Exposé des motifs - an erlaabt, dass ech zitieren: „Le prix de pension d'un tel centre intégré, destiné à couvrir le coût total du fonctionnement, serait alors pris en charge par le pensionnaire même et par son assurance dépendance et cela selon son degré de dépendance. C'est à ce niveau qu'il apparaît inévitable de prévoir encore un autre mécanisme assurant à un pensionnaire incapable de supporter sa part du prix de pension un support financier lui garantissant son admission dans chaque centre intégré et maison de soins étatique, communale ou privée. (...) A cette fin, il a été préconisé de recourir au Fonds national de solidarité.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der aldeeglecher Praxis am Émgank mat dëser Législatioun huet et sech awer elo gewisen, datt et néideg ginn ass dëst Gesetz nach eng Kéier ze iwwerschaffen an domadder besser ebe just un dës Erfahrung aus der Praxis unzepassen. Den neien Text gesäit eng Rei Neierunge vir, déi den Här Halsdorf eis ausféierlech a sengem Rapport duergestallt huet, sou datt ech net nach eng Kéier eng Répétitioun vun deem Ganze maachen. Mä de wichtegste Punkt ass sécherlech d'Festschreiwung vu bestëmmte Servicer, deenen hir Prestatioun am Basispräis muss mat abegraff sinn.

Esou huet et sech an der Praxis effektiv erausgestallt, datt Servicer, déi vun den Haiser ugebuede ginn, net all no deemselwechte Prinzip behandelt ginn. A munchen Haiser huet ee fir bestëmmte Servicer bezuele misse an an aneren net. Fir dat méi ze vereenheetlechen a méi transparent ze maachen, huet de Ministère eng Rei Servicer opgestallt, fir déi de Pensionnaire net méi extra bezuele muss. Dës Mesure ass geholl ginn, fir sécherze stellen, dass gewësse Servicer an domat och e bestëmmten Niveau Qualitéit bei allen Etablissementer virzefanne sinn.

En plus huet dës Mesure nach den Effet, datt den Niveau vum Prix de pension fir d'Pensionnaires an hir Familljen an de ganzen Entourage méi transparent gëtt. Si kënnen also méi einfach novollzéien, wat fir eng Servicer hinne gratis mussen zur Verfügung gestallt ginn a fir wat fir eng Servicer ee Supplément muss bezuelt ginn, wa se gären dee Service hätten.

Als besonnesch positiv emfannen ech et, datt bei der Opstellung vun der Lëscht net nëmmen Experte befragt gi sinn - och wann et, wéi am Exposé des motifs gestanen huet, auslännesch a lëtzebuergesch Experte waren, déi sécherlech e gutt an approfondéiert Wëssen an där Matière do hunn -, mä datt bei der Élaboration vun där Lëscht och d'Meenungen an d'Suerge vun de Pensionnaires an hirem Entourage mat berücksichtegt gi sinn. Dat huet bei der Opstellung vun der Lëscht sécherlech dozou bäigedroen, datt déi Servicer, déi en fin de compte op der Lëscht stinn, wierklech Servicer sinn, déi deene Leit, fir déi se jo och geduecht sinn, och wierklech wichteg sinn.

E weidere Punkt, op deen ech nach kuerz eng Kéier wëll agoen, ass de Complément selwer. Och hie gëtt, mir hunn dat schonn héieren, mat dësem Gesetz verännert. Verännert an deem Sënn, datt d'Berechnung aneschtens wéi bis elo gehandhabt gëtt. Ech wëll elo hei awer net op déi technesch Einzelheeten agoen, wéi de Complément elo genau ausgerechent gëtt. Ech wollt méi prezis eppes iwwert d'Auswirkunge soen.

An der Praxis huet sech nämlech gewisen, datt de Montant, deen d'Pensionnaires zu hirer Verfügung haten, méi genee dat sou genantent Täschegeld, ëmmer dann net duergeet, wann zousätzlech Käschten op si duer kamm sinn. Esou steet dann och am Exposé des motifs: „Le montant destiné à couvrir les besoins personnels est insuffisant à chaque fois que l'institution facture des suppléments pour des actes indispensables au vu de la situation de l'usager.“ Domadder sinn zum Beispill d'Be-gleedung vun de Pensionnaire bei den Dokter, d'Wäsche vun de Kleeder, d'Hëllef bei administrativen Démarchen an esou weider gemengt. Fir dës Situation entgéintzekommen, gesäit de Projet de loi eng Augmentation vum Montant mensuel immunisé vir. Dës Schrëtt ass besonnesch wichteg, well et de Pensionnaires erlaabt méi autonom an hiren Décisiounen am Émgank mat hire Suen ze ginn. Esou brauche si net op d'Leesch-tung ze verzichten, déi si awer eventuell brauche kéinten.

Natierlech hätt een dës Leeschtungen och an d'Lëscht vun den obligatoresche Servicer opuehue kënnen. Vill Pensionnaire sinn awer nach en mesure, fir esou munch Saache selwer ze erleedegen. Dofir sinn hei och aner Vuë wéi nëmmen déi finanziell vu Bedeitung. Et soll een nämlech dem Pensionnaire d'Méiglechkeet ginn, sech selwer ëm bestëmmte Saache këmmere ze kënnen, wou hien nach dozou amstand ass. Domadder ënnerstëtze mir d'Autonomie vun de Pensionnaires.

Ausserdeem verhënnere mer och domadder, datt déi eeler Leit d'Im-pressioun kréien, elo géif souwisou alles fir si gemaach ginn a si bräichte sech ëm näischt méi ze këmmere. Dat ass sécherlech fir déi Leit richtig a gutt, an et soll och esou sinn, déi komplett op friem Hëllef ugewise sinn. Mä déi Pensionnaires, déi sech och selwer nach ëm hir Saache këmmere kënnen, mussen mir ënnerstëtzen, fir dass se dat och selbstverständlech selwer maache kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et esou wichteg ass, datt all Matbierger an d'Altersheem oder an eng Maison de soins vu sengem Choix ka goen, a fir datt en de Choix onofhängeg vu senger finanzieller Situatioun maache kann, ass et esou wichteg, dass dës Ännerungen hei un de Prestatiounen vum Fonds national de solidarité gemaach ginn. Fir all Mënsch d'Méiglechkeet ze ginn, fir an engem qualitativ héichwäertegen Entourage kënnen eng nei Heemecht ze fannen, wäert och d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dës Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech merci!

**M. le Président.**- Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

**M. le Président.**- Dir hutt d'Wuert, Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Merci, Här President! Dem Här Rapporteur wëll ech och félicitéiere fir säin ausféierleche Rapport, dee ganz kloer d'Iwwerleungen an déi gutt Aarbecht vun der Kommissioun erëmispigelt. Ech mengen, et

ass wichteg, dass besonnesch bei der Fleg an der Betreieung vun eelere Leit d'Bedéngunge vum Accueil kloer definéiert ginn, fir dass vu vir erop Abüen esou wäit wéi méiglech écartéiert kënnen ginn.

Wat awer bei esou Projeten ëmmer erëm kloer zum Virschäi kënnt, ass dat, wat mir als ADR säit eiser Presenz hei am Parlament ëmmer erëm widderhuelen, nämlech dass et nach ëmmer e seriöse Malaise am Rentewiese gëtt, an dass nach ëmmer Hongerrente bestinn. Wann eng Persoun, déi hiert Liewe laang geschafft huet, sech et net kann erlaben, sech unhand vun hirer eegener Rent ouni staatlechen Zouschoss an engem Alters- a Fleegeheim anzequartéieren, dann huet déi Persoun fir mech eng Hongerrent. D'Präisser fir Kascht a Logis an den Alters- a Fleegeheimer be-wege sech tëschent 70.000 an 90.000 aler Frang, an do leien déi meeschte Leit aus dem Privatsecteur mat hirer Rent wäit drënner. D'Rente missten also vläicht esou adaptéiert ginn, dass jiddferree sech eng Plaz an engem Alters- oder Fleegeheim ka leeschten, an och nach eppes fir sech Rescht behält. Oder d'Präisser an deenen Heemer missten esou ugepasst ginn, dass jiddferree sech dat mat senger Rent selwer ka leeschten.

Och wann ee kann domat d'accord sinn, dass jiddferreen, deen en Zouschoss vum Stat kritt, och muss deen zrëckginn, wa seng finanziell Situatioun sech verbessert, esou schéngt et awer net ubreucht, dass och d'Kanner kënnen belängt ginn, wann een Elterendeel oder allen zwee an engem Fleege- oder Altersheim ënnerbruecht sinn. Ech sinn einfach der Meenung, dass eng Persoun, déi hiert Liewe laang geschafft huet, eis esou vill wäert muss sinn, dass mir hir kënnen en Zouschoss zoukomme loossen, ouni dass deen direkt zrëckzebezuelen ass oder dass d'Famillje muss mathëllefe bezuelen, wa mir hir keng anstänneg Rent kënnen garantéieren. Well, och wann eng Persoun zum Beispill 1.500 Euro monatlech Rent huet, wat jo dorop schlësse léisst, dass hire Revenu am aktive Liewen nach net vill méi héich war, sech en Haus vum Mond ofgespuert huet, dierf dat net dozou féieren, dass dat bëssen Hab a Gut ze hypothekéieren ass, well se d'Käschte vum Fleege- an Altersheim net ka mat där Hongerrent droen.

Här President, d'Gesetz leet och fest, wat alles ënner Revenu ze verstoen ass, wann en Zouschoss vum Stat soll erfuerderlech sinn, fir d'Käschte vum Fleege- an Altersheim ze droen. Do stellt sech eng Fro, vun där ech muss zouginn, dass ech se hätt kënnen an der Kommissioun stellen, awer wat ech leider verschweest hunn: Gëtt d'Mammerent och als Revenu ugesinn an och vum Zouschoss ofgezunn, oder ass dat eng Allocation, déi der Mamm integral zougestoe bleift, virausgesat, dass se iwwerhaapt eng kritt, wat jo bei iwwer 5.000 Mammen net de Fall ass? Ech mengen, d'Mammerent ass eppes, wat eng Fra kritt, well se hir Kanner erzunn huet, an do ass meng Fro, ob dann elo déi Mammerent och zum Revenu gehéiert, oder ob déi Mammerent och dann nach bei d'Täschegeld dobäikënn.

Här President, da wëll ech awer och nach agoen op deen Deel, dee vum Revenu immuniséiert gëtt, fir den Zouschoss ze berechnen - dat, wat mir allgemeng als Täschegeld bezeichnen. Do war am ursprénglechen Text virgesinn, fir en zousätzlechen immuniséierten Deel ze schafen. De Statsrot war awer der Meenung, dass een dat net soll maachen an einfach eng Majoratioun vum bestoenden immuniséierten Deel an d'Gesetz soll schreiwen, wat dann och geschitt

ass. Dat Täschegeld, wat deem Einzelnen zousteet, ass iwwer e Règlement grand-ducal definéiert an och indexéiert. Den initialen Deel war op 35 Euro Index 100 festgeluecht, wat beim heitegen Index vu 620,75 217,26 Euro oder 8.764 al Frang ausmécht. De proposéierten Zousaz soll 22 Euro Index 100 ginn, also bei Index 620,75 wären dat 136,56 Euro - 5.509 aler Frang. Zesumme ginn dat 353,82 Euro, also 14.273 Frang, also eng Augmentatioun vu ronn 61% - eng Augmentatioun, déi och déck noutwenneg ass, an déi mir als ADR och scho gefuerdert hunn, an heimat och begrëssen.

Mat dësem Gesetz kënnen sech déi betrafte Leit elo e Stéck Liewensqualitéit méi leeschten. Wichteg ass awer fir eis och, dass dat groussherzoglecht Règlement vum 6. am Ouschtermount 1999 kuerzfristeg de Bestëmmunge vun dësem Gesetz ugepasst gëtt, fir dass déi Betreffen och nom Akraaftriede vun dësem Gesetz direkt kënnen dovunner profitéieren.

Wichteg ass awer virun allem, dass dee Montant vun deenen ëmgerechent 353 Euro, deen ursprénglech virgesi war, iwwert de Wee vun engem Zousazcomplément och am groussherzogleche Règlement, wat soll laut dësem Gesetz geschafe ginn, niddergeschriwweg gëtt.

Dozou hunn ech awer nach eng Versteedsdemech-Fro: Am Artikel 21 vum Gesetz steet, dass déi Montanten, déi an den Artikelen 5, 7, 12 a 15 vum Gesetz agesat sinn, der Indexevolutioun ënnerworf sinn. D'Täschegeld awer gëtt am Artikel 4 festgeschriwwen, mat der Optioun, et iwwer e groussherzoglecht Règlement festzeleeën. Am groussherzogleche Règlement vum 6. am Ouschtermount 1999 am Artikel 12 steet wuel, dass de Montant indexéiert ass. Bleift dat och am neie Règlement esou, wann am Artikel 21 vum Gesetz den Artikel 4 net ernimmt gëtt am Zesummenhang mat der Indexéierung vun deene Montanten?

Här President, wann ech déi Opklärungen hei kritt hunn, da kann ech menge Parteikollege sécherlech recommandéieren, dëst Gesetz, wat an déi richtig sozial Richtung geet, och ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. Ech hat elo um Programm d'Madame Wagener stoen, mä vu dass si just net heibannen ass, géif ech den Här Urbany froen. Här Urbany, wann ech gelift.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Géigestand vu Kritik an och ee vun de Beweegrënn vun dësem Gesetzesprojet, Här President, ass ouni Zweifel dat ongenügend Täschegeld, wat bis elo an den Institutione vum Drëtten Alter bezuelt ginn ass. D'Täschegeld, dat ass jo eppes, wat net direkt bezuelt gëtt, mä d'Täschegeld ass eppes, wat vum Akommes net dierf ewechgeholl ginn, eppes, wat d'Leit um Ënn vum Mount vun hirem Revenu muss behalen, wann hire Revenu ganz geholl gëtt, fir de Pensiounspräis vum Altersheim ze bezuelen, wann en net duergeet. A wéi gesot, et kommen och nach do heiansdo Saachen dobäi, déi de Stat och nach muss iwwerhuelen am Altersheim selwer, wa Käschten ufalen.

Wann ee bedenkt, dass d'Pensiounspräisser haut duerch schnëttlech wäit iwwer 60.000 aler Frang wäerte leie fir een Einzelzimmer de Mount an iwwer 100.000 Frang fir en Duebelzimmer, a wann een op där anerer Säit weess, wéi vill ganz kleng Renten, dass et nach gëtt, da kann ee sech virstellen, wéi vill Leit eigentlech an der Lag sinn, eventuell eng Kéier op esou eng staatlech Bedeelegung ugewisen ze sinn.

Mir haten als déi Lénk am Abrëll 2001 un d'Madame Ministerin d'Fro gestallt vum ongenügenden Täschegeld am Zesummenhang

am Altersheim vun Zolwer. Do hat de Gemengerot eestëmmeg beschlossen, dass dat Täschegeld, wat do bezuelt gëtt vum Stat, net duergeet, dass déi 7.500 Frang, déi et deemools ware gesetzlech, net duer ginn an dass misst e kommunalen Zouschoss kommen, deen op 2.500 Frang deemools fixéiert ginn ass, sou dass am Prinzip déi Leit dann am Altersheim vun Zolwer en Täschegeld vun 10.000 Frang kritt hätten. Esou ass dat awer net gesi ginn am Ministère, an d'Resultat war dat, dass de Ministère déi 2.500 Frang vun der Gemeng Suessem de Leit als Supplément de revenu ugerechent huet, sou dass se en fin de compte ëmmer nach op hire 7.500 Frang bliwe sinn, just nëmmen dass d'Gemeng Suessem en Deel Aufgabe vum Stat iwwerholl huet.

Op Initiativ vun eis am Gemengerot ass deemools d'Regierung opgefuerdert ginn an enger Motioun d'Täschegeld ze erhéijen, op 10.000 Frang mindestens ass deemools gemengt ginn. Dat sinn awer elo schonn dräi Joer hier, Dir Dammen an Dir Hären, an zënterhier ass näischt geschitt, esouwäit ech weess.

Am Exposé des motifs vum Projet de loi, dee jo am Juni 2002 déposéiert ginn ass, ass nach um ale Montant festgehal ginn vum Täschegeld. Et ass just gesot ginn, et sollt e Supplément dobäikommen, dee genannt ginn ass Supplément mensuel de compétence individuelle, fir déi Leit mat sou genante Kompetenzmängel. Zum Beispill Leit, déi nowieslech hir Wäsch net méi selwer kéinte maachen, géifen dann ee Supplément bäikréien. Et muss ee bedenken och iwwregens, dass den Altersduerschneitt an den Altersheemer immens héich ass - iwwer 80 Joer - an dass et jo ganz evident ass, dass do déi meeschte Leit verschidde Saachen net méi selwer kënnen maachen.

Dee menger Meenung no technokratesche Mechanismus, deen do agefouert ginn ass, dee méi Problemer ervirgeruff hätt wéi en der geléist hätt, ass zwar an der Tëschenzäit aus dem Text verschwonnen, mä ech wëll nach eng Kéier soen, mengem Wëssen no läit nach ëmmer d'Täschegeld bei deem Montant, bei deem et och schonn deemools loung, just dass et mam Index an d'Luucht gaangen ass, an dass no menger Rechnung de Moment bei ongeféier 8.500 Frang de Mount läit.

**(Interruption)**

Jo, just do wëll ech awer och nach soen, am Gesetz selwer, Madame, steet awer och näischt dran.

Da misst ech awer och soen, vläicht kréie mir dann och emol vun autoriséierter Säit an herno an Ärer Interventioun ze héieren, wéi vill dann am Règlement grand-ducal dee Montant soll bedroen.

Also, ech war nach net bei deenen Aarbechten an der Kommissioun dobäi, well ech och net Member do sinn. Ech héieren hei vu verschiddeenen...

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Dir hätt awer kënnen kommen.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech hätt kënnen kommen, selbstverständlech. Ech kann iwerall goen. Ech ka mech awer net an ech weess net wéi vill opsplécken. Ech weess net wéi vill Kommissiounen, dass et gëtt a wou ech als eenzegen Deputéierten hei iwerall da soll vertratt sinn.

Mä lenkt mech elo net of vun deem of, wat ech wollt soen.

**(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)**

Ech froen iwwregens nach direkt Riedezäit bäi, well soss geet et mir awer elo wierklech net duer, well ech si schonn op véier an eng hallef Minutt, an ech hu fënnef an eng hallef Minutten. Dat wëll ech awer



nach eng Kéier hei betounen, wou et drëm geet fir zu esou engem wichtege Thema hei ze schwätzen.

#### (Interruptions)

Ech mengen also, dass et wichteg ass, dass dee Montant erhéicht gëtt. An ech freeë mech och, wann en effektiv erhéicht gëtt. Ech soen dann awer nach eng Kéier, ech géif dann och gären héieren, op wéi vill dass e soll dann am Règlement grand-ducal festgesat ginn. Well ech mengen, zu deem wat hei gesot ginn ass, zu deenen Ausgaben, déi op d'Leit zoukommen, sinn och nach aner Ausgaben, déi op d'Leit zoukommen, wéi zum Beispill d'Participatiounen u Medikamenter, déi net iwwerholl ginn, zum Beispill vun der Assurance dépendance an esou weider. D'Leit mussen jo och bei de Coiffer goen. Si hunn och nach aner Ausgaben, déi se ze maachen hunn. Et ass evident, dass déi 8.000 Frang awer elo nach ëmmer bestinn, nodeems scho jorelaang reklaméiert ginn ass - Dir hätt se jo och scho kënnen duerch de Zwéschenzäit, Madame Minister! Dat hutt Dir net gemaach. -, an ech mech selbstverständlech freeën, dass dann d'Leit sollen eppes bäikréien.

De Projet hei regelt och nach op eng nei Aart a Weis d'Limité vun der Participatioun vum Stat un de Käschte vum Openthalt vu Leit, déi en ongenügende Revenu hunn. Et gëtt e Minimum vu staatlecher Participatioun hei festgeluecht bei 62.220 Frang ëmgerechent fir een Eenzelëmmer an 107.708 Frang fir en Duebelzëmmer. Alles wat doriwwer erausgeet, an och e gewësene Maximum, dee soll agefouert ginn, gëtt och alt erëm eng Kéier iwwer Règlement grand-ducal geleist, grad esou wéi och iwwer Règlement grand-ducal sollten déi Leeschtungen opgezielt ginn, déi zu de Prestatiounen gehéieren, déi déi Institutiounen mussen leeschte fir dee Pensionspräis, dee se froen.

Ech fannen och do hätten déi Saache missen iwwer Gesetz geregelt ginn. Wann een nämlech d'Praxis kuckt, a wann een esou verschidde Saache liest, wat do passéiert a gewëssenen Institutiounen, da gëtt ee gewuer, dass do - et géif mech och emol iwwregens interesséieren, wou dat de Fall war - jo souguer d'Dränkwaasser un d'Leit extra verrechent gi wär, wat jo wierklech absolut abusiv ass a wat drop hiweist, wat fir rau Sitten an deem Secteur, dee jo 1999 deelweis liberaliséiert ginn ass, nach ëmmer virherrschen. Ech mengen, da kann een och net virsiichteg genuch sinn. Wann een net wëllt hunn, dass et herno Altersheimer mat zwou Vitessë gëtt, da muss et esou sinn, dass een do äusserst virsiichteg ass a verlaangt, dass eng parlamentaresch Kontroll och virgesinn ass, zu deem, wat do soll geschéien.

Ech stellen iwwregens och fest: De Statsrot huet Statistiken doriwwer verlaangt, wéi vill Pensionnairen net genuch Akommes hunn, fir hiren Openthalt kënnen ze bezuelen. Et kann een och zum Beispill froen op wat fir Institutiounen, dass se verdeelt sinn, ob se op all d'Institutiounen verdeelt sinn, ob et elo scho verschidde Kategorien vun Institutiounen gëtt an ob de Stat intervenéiert bei de Placementer vun deene Leit mat engem klengen Akommes, wa se Schieregkeete sollten hunn an iergendengem vun deenen Altersheimer ënnerzecommen.

Ech wëll also schléissen, andeem ech soen, dass ech zimlech reitent sinn, well ech gesinn, dass mer hei wahrscheinlech awer eng Kaz an engem Sak kafe wäerten an eng Form, déi nach gréisstendeels onni Inhalt ass, wou just verschidde Saache ganz pingeleg a ganz exakt dra geregelt sinn. An dat ass, wat d'Kontroll vun de Leit ugeet, d'Kontroll vum Revenu, d'Zréckbezuele vum Revenu, geriichtlech Prozeduren an esou weider. Ech

wëll net soen, dass dat komplett onsënneg ass, sou Saachen ze maachen, mä ech stelle just fest, hei gëtt dat äusserst pingeleg geregelt...

#### (Interruption)

Ech sinn direkt fäerdeg, Här President!

..., während awer wichteg Froen vun der Economie vun deem Secteur do, dee jo ëmmer méi eng grouss Bedeitung an eiser Gesellschaft kritt, an deem Projet net geregelt ginn. An dat ass och d'Ursaach fir wat ech mech dobäi wäert enthalten.

■ **M. le Président.**- D'Regierung huet elo d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Ech géing och wëllen dem President an dem Rapporteur vum Projet, dem Här Jean-Marie Halsdorf, merci soen, fir déi Vitesse, mat där en och hei dee Projet presentéiert huet. Virun allem wëll ech awer och der Kommissioun merci soe fir déi ëmmer äusserst konstruktiv Aarbecht, déi mir do gemeinsam konnte maachen.

Fir mech ass dat heiten e wichtege Projet...

#### (Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

..., deen haut gestëmmt gëtt, well en et preziséiert, dass de Stat ka bei deene Leit hire Pensionspräisser bäileeden, déi an engem Centre intégré sinn, déi an engem Fleegeheim oder déi an engem aneren Haus sinn, wou medezinesch a fleegeresch Aarbecht gemaach gëtt.

Ech wëll dann déi Montanten nennen, bis zu deene mir bäileee kënnen. Ech fueren och ëmmer an deenen ale Lëtzebuurger Frang. Ech sinn e bëssen almouduesch dordanner, mä ech denken, dass vläicht dann den Här Urbany dat och versteet, vu dass en dat mat deenen Euroen och net schéngt esou richtig ze beherrschen, wat mir awer dodra stoen hunn.

Mir kënnen iwwert dat heite Gesetz elo bis zu engem Maximum vu 75.000 Lëtzebuurger Frang bäileeden. Mir mengen, mat deene 75.000 Frang hei geet et ëm den Accueil gérontologique, dat heescht eigentlech dat, wat de Pensionspräis ass. Mir schwätzen hei net iwwert d'Fleegeversécherung, dat wëll ech eng Kéier preziséieren. Mä Dir hat gesot, d'Fleegeversécherung géif net alles bäileee bei de Medikamenter. D'Fleegeversécherung leet näischt bei Medikamenter bäi, dat mécht d'Krankekeess. Et ass komplizéiert d'Sozialwiessen zu Lëtzebuerg, mä et ass awer heiansdo wichteg, wann ee weess...

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Et gëtt Participatiounen, déi d'Leit mussen bezuele mat hirem Täschegeld. Méi wollt ech net soen.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Et ass gutt. Ech wollt nëmmen awer soen, dass een net grad alles sou kann duercherneen do gehéien.

Et ass also fir eis wichteg, dass an all déi verschidden Haiser, déi en Agrément hunn - en anert dierft jo eigentlech net méi funktionéieren hei zu Lëtzebuerg, all déi Haiser mussen jo no dem ASFT-Gesetz en Agrément kréien - mir et also méiglech maachen, dass jiddferee muss kënnen erakommen, egal ob e vill Suen oder weineg Suen huet, well mir net fir räich Leit a fir aarm Leit Haiser wëlle schafen. Op där anerer Säit maache mir et do an deenen Haiser esou - dat ass eppes, wat mir eng Suerg ass -, dass mir jiddferengem kënnen soen, dass kee weess, wien eppes

dobäigeluecht kritt a wien näischt bäigeluecht kritt. Heiansdo genéieren d'Leit sech jo, wa se eppes sollen iwwert de Fonds de solidarité kréien - net ëmmer, dat gesi mir bei der Mammerent, mä op deenen anere Plazen ass dat jo dann ëmmer eppes wéi wann dat eppes wär...

#### (Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

..., wat schiedlech a schändlech wier.

Jiddferee kann déi Sue kréien, wann en se zegutt huet. Do gëtt och verfuert no deenen übleche Kritäre vun dem Fonds de solidarité respektiv och vum RMG-Gesetz, do ginn ëmmer erëm déiselwecht Saache bei jiddferengem gefrot. Et ass net, dass mir hei méi froen, wéi an anere soziale Gesetzter, déi bestinn.

D'Täschegeld - Här Jaerling, Dir sidd jo och heiansdo fir gutt Saachen ze gebrauchen. Dir hat hei genau jiddferengem erkläert.

#### (Interruptions)

14.200 Frang, wollt ech dem honorablen Här Urbany soen, géifen d'Leit an Zukunft kréien, esou dass Dir also genau wousst, wéi vill dass dat ass. An dat ass alles also indexgebonden, och déi zwou Prestatiounen. Ech denken, dass dat da jo och de Leit d'Berouegung gëtt, an dass se domadder och kënnen wëssen, dass se domadder rechnen kënnen, an dass se dann och dat Gesetz kënnen stëmmen.

En anere wichteg Punkt ass een, dee mir bis haut net geregelt hatten. Et geet ëm déi Leit, déi doheem bleiwen a wou ee vun de Partner doheem ass, wou et bis haut keng gesetzlech Regelung gouf a wou mir elo soen, et muss ee weinstens en Akommes behalen an der Héicht vun dem RMG, wou ech denken, datt dat eent vun deem aneren jo och eng logesch Konsequenz ass, wann ee seet, deen, deen doheem bleift, muss jo kënnen mat eppes rechnen a muss jo kënnen mat eppes liewen, et ass net nëmmen deen, deen am Heim ass, nodeem da ka gekuckt ginn.

An dem Accueil gérontologique ass virgesinn, dass eben déi Geseten, déi gebraucht ginn, och ofgeséichert sinn. Et ass schweier fir alles an engem Gesetz ze schreiwen, wann all eenzel Fläsch Waasser muss drastoen, wann ee se zegutt hat, dat féiert natierlech enorm wäit. Dobäi kënnt, datt awer eng ganz Partie vu Saachen ëmmer erëm nei kommen, sou dass ech mengen, dass déi Lëscht besser gemaach gëtt iwwer e Règlement grand-ducal, wou dat festgeluecht gëtt, an ech denken, dass dat wierklech wichteg ass, well soss awer Situatiounen entstinn, wou deen een dat eent verrechent an deen aneren eppes aneschtens verrechent, wat dozou ka féieren, dass d'Leit och nach mat deem Akommes, wat se dann hunn, net auskommen an erëm mussen op d'Gemengen heesche goen, fir ze kucken, fir déi Suen nach bäigeluecht ze kréien.

D'Qualitéit an d'Qualitéitskontroll wollt mir iwwert dat heite Gesetz zousätzlech aféieren. De Conseil d'État hat gemengt, dat wär keng gutt Aart a Weis, ech sinn dofir total d'accord, fir déi Motioun kënnen unzehuelen. Och wann ech se net méi kann ëmsetzen, dann ass dat awer eppes, wat wichteg ass, well iwwerall och an der Zukunft aneengem Servicer, bei deenen eelere Leit esou gutt wéi bei deene Behënnerten oder och bei de Kanner, gëtt an der Zukunft ëmmer méi op d'Qualitéit Wäert geluecht, an eng Qualitéit, déi muss kënnen och gemooss ginn an déi muss kënnen kontrolléiert ginn. A vun dohier mengen ech wierklech, dass et wichteg ass, dass een dat entweder iwwert deen neien ASFT-Text

mécht, oder och iwwer en aneren Text, wou een dovunner muss profitéieren, fir dat kënnen ze maachen.

Et ass och vun eenzelne Leit reklaméiert ginn, dass mir nëmme géifen hei den Accueil vun Dag an Nuecht à charge huelen. Mir hunn awer dorobber verzicht an och an der Kommissioun war jiddfereen domadder d'accord, well mir gesot hunn, et sinn awer komplizéiert Prozeduren, wann dat iwwert de Fonds de solidarité muss goe mat enger Hypothék, déi muss ageschriwwen ginn, an alles, wat dozou gehéiert, fir domadder net onnéideg Situatiounen do ze schafen, déi net bräichten ze sinn, an dass mer do géinge weiderfuere iwwert den Tarif social ze bezuelen, wann et Leeschtungen sinn, déi och zum Beispill net vun der Assurance dépendance kënnen iwwerholl ginn.

Well gemengt gëtt, mir hätte schrecklech vill Leit hei zu Lëtzebuerg, déi dat net kéinte bezuelen, ass et vläicht interessant awer och ze héieren, wéi vill Leit dass vun dem Accueil gérontologique profitéieren. 2002 waren et 720 Persounen, mat engem Gesamtkäschtepunkt vun 200 Milliounen där aler Frang. 2003 sinn et 670 Leit gewiescht, mat ongeféier 180 Milliounen Lëtzebuurger Frang, déi de Stat do bäigeluecht huet. Ech denken, dass dat beweist, dass awer eng ganz Partie vu Leit, Gott sei Dank och, net brauchen dovunner ze profitéieren a selwer genuch eege Mëttel hunn, ouni mussen op de Fonds de solidarité zréckzegräifen.

Wichteg ass awer fir mech och, dass mir net nëmmen iwwert den Accueil gérontologique an d'Fleegeversécherung nodenken, mä nach op villen aneren Niveauen aktiv sinn. Ech denken un déi ganz Rei vu Projeten, déi nach an nächster Zäit wäerten an Ärem Haus hei sinn, iwwert déi mir ewell an der Kommissioun diskutéiert hunn - nei Haiser, déi gebaut ginn, wou mir iwwer 1.350 zousätzlech Better schafen, déi mir och bei déi aner dobäikréien, a wou mir ewell méi héich leie wéi soss iergendee Land an Europa.

Och do wär et vläicht interessant ze héieren, wat mir kéinte maachen, fir dass d'Leit méi kéinten doheem an hire Famillje bleiwen. Vläicht huet den Här Jaerling och nach iergendeng Zauberkaart am Aarm, fir ze weisen, wéi een do d'Famille nombreuse erëm beienee kritt, mat deene verschiddene Generatiounen.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Alt erëm eise Programm liesen!

#### (Hilarité)

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Mir waarde mat Spannung drop. Da muss mer och nach kucken, ob en dann ëmsetzen ass. Mä ech denke wéi gesot, dass dat wichteg ass, well awer pro Zëmmer 8,5 Milliounen där aler Frang investéiert ginn. Bei Haiser, an deenen iwwer 100 Zëmmer dra sinn, komme mir iwwer eng Milliard. Alles dat muss ee sech och virstellen. Wann ëmmer gesot gëtt, mir hätte besser mir géingen an esou Haiser investéiere wéi a Muséeën, da muss ee gesinn, dass mir dat an engem héije Mooss an dëser Legislaturperiod och gemaach hunn.

Mä awer och net nëmme fir déi Leit, déi fleegebedürftig sinn, mä awer och fir déi Leit, déi nach valide sinn, hu mir eng ganz Partie vu Servicer geschafen. Ech denken un d'Club-Senioren, ech denken nach un den RBS, wou d'Leit, déi valide sinn, eng uerdentlech an eng sënnvoll Fräizäitgestaltung maache kënnen, an déi Cyberstufen, déi ageriicht goufen, fir och deenen eelere Leit den Zougang zu deenen neien Technologien ze erméiglechen, déi also do kënnen dovunner léieren an dovunner profitéieren, fir net an de Risiko ze kommen, fir aus eiser Gesellschaft ausgeschloss ze ginn.

D'selwecht wéi bei de Kanner ass selbstverständlech an deem heite Beräich d'Formation an d'Formation continue vum Personal vun enger enorm grousser Wichtigkeet. Ech denken un dee groussen Erfolleg, deen d'Aides socio-familiales haten, wou mir an deene leschte Joren honnerte vu Leit haten, déi hiren Zertifikat kritt hunn, bis zu dem Master an der Gérontologie, deen an der Universitéit agefouert ginn ass, deen och soll dozou hëlfen, dass d'Leit net nëmmen do opgehuewen sinn, mä dass se wierklech och seriö do gefleegt ginn, seriö à charge geholl ginn, an net de Risiko hunn, wéi et och emol op anere Plaze scho virkomm ass - ech hoffen net bei eis -, dass do engem ale Mënsch Gewalt an deenen Institutiounen ugedoe gëtt, well eben och eng Iwwercharge vun Aarbecht do ass an och beim Personal.

Zum Schluss sinn ech an engem schreckleche Gewëssenskonflikt hei, well den Här Jaerling den Här Lux iwwerholl huet an iwwert d'Mammerent geschwat huet. Lux, Lulling und Jaerling, dat ass esou dee Mix, dee sech dorëmmer këmmert an doranner mëscht, an ech iwwerloossen de Leit dat ze jugéieren, ob se dat esou terribel fannen oder wéi se dat fannen.

Ech wëll jiddefalls dem Här Jaerling als konkret Antwort heirobber soen: Selbstverständlech ginn déi 3.000 Frang matgerechent, sou wéi dat och beim RMG gerechent gëtt, Här Jaerling! Ech wëll just alles dat, wat ëmmer geschriwwen gëtt a gesot gëtt iwwert déi Ongerechtheet, widderleeën: Et gëtt kee Gesetz - an elo soen ech dat fir d'siwen heit an ech weess awer, dass keen dat wëllt zur Kenntnis huelen - et gëtt kee Gesetz, dat méi gerechtt ass wéi dat doten. Et gëtt kee Gesetz, wou all Mënsch hei ka vun deene Sue profitéiert. Wann Dir mir ee kënnt bréngen, deen net op iergendeng Aart a Weis déi 3.000 Frang kritt huet, da weist mir deen, dee se net op eng Aart a Weis kritt huet.

Ech weess, dass der vill sinn, déi se gären zweemol hätten, mä där kennen ech ganz vill. Ech weess där och nach, déi nach gare ganz aner Saachen hätten. An dat fannen ech schlëmm, dass Dir lech an deene Leit vergräift, fir deenen eppes virzemaachen, wou Dir Bescheid wousst, als e bëssen ausgebilte Sozialpolitiker, fir ze soen, déi géifen ongerecht behandelt ginn. Dat ass eppes, wat ech schlëmm fannen, wat ech och net kann acceptéieren.

Dofir mengen ech, wann een eppes aneschtens wëllt maachen, da muss ee soen, mir féieren zousätzlech 3.000 Frang a fir déi dote Leit, an da kréien déi se zweemol. Dat ass eppes, dat kann ee maachen, mä da muss ee sech froen, ob et dann net méi richtig wär fir ze soen, mir mussen den RMG eropsetzen, oder ob et net méi richtig ass fir ze soen, da mussen mer d'Mindestrent eropsetzen. Dat ass eng ganz aner Diskussioun. Mä wéi gesot, alles aneschtens ass net richtig.

Ech wëll och soen, dass ech haut iergendwou e Lieserbréif gelies hunn, deen emol vu kengem vun lech zwee oder vun lech dräi komm ass, mä vun engem Mann, dee sech beschweiert huet iwwert déi Mammen, déi dout sinn. Déi, déi gestuerwen sinn an déi d'Mammerent zegutt haten, kréien déi selbstverständlech ausbezuelt. Et si 6.000 Dossieren, déi nach net fäerdeg sinn, an dat sinn net déi éischt, déi do behandelt goufen. Ech géing also ëm Verständnis bieden. Wann ee vun deene Fonctionnairen aus dem Fonds de solidarité sech do net gutt beholl huet, dann entschëllegen ech mech selbstverständlech dofir. Mä ech wëll awer soen, dass déi Leit selbstverständlech hir Suen zegutt hunn a se kréien an Zäite wéi déi Dossier behandelt sinn.

Merci villmools.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ M. Aly Jaerling (ADR).- Madame Ministesch, ech mengen, Dir hutt e seriöe Problem bei der Mamerent mam Ennerscheed tëschent effektiv a fiktiv.

■ M. le Président.- Här Jaerling, wann ech gelift, et hat elo keen lech gefrot.

(Interruption et hilarité)

D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4988 a stëmmen doriwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 4988-10.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 23 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder ent-hale sech.

De Projet de loi 4988 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abs-tentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Kriepps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthaltung begrën-nen?

(Négation)

Dat ass net esou.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer nach hei eng Motioun virleien, déi vun de fënnef Fraktiounen ënnerschriften ass. Kënne mer dat dem ale Wee no ofstëmmen?

(Assentiment)

Da bieden ech ëm en Handzeechen.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Domadder wier déi grouss Majoritéit fir d'Motioun an domat d'Motioun 1 ugeholl.

Mir fueren dann elo mat eisem Ordre du jour vun haut weider, dat ass de Punkt 6: les comptes du service intérieur de la Chambre des Députés fir den Exercice 2002. De Rapporteur vum Projet de loi ass den honorabelen Här Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

6. 5282 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2002

Rapport de la Commission des Comptes

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, dass d'Kontekommissioun eng kloer Missioun huet, nämlech d'Kontabilitéit vun der Chamber ze iwwerpräiwen, zesumme mat engem Réviseur d'entreprise, an doriwwer hei e Rapport ze maachen un de Plenum.

Wann ech lech haut scho kann de Rapport iwwert d'Konte vum Joer 2002 virleeën, dann ass dat de Mérite vun de Leit aus dem Service Comptabilité vun der Chamber, deenen ech och hei wëll direkt am Ufank häerzlech merci soe fir hir exakt, effikass a schnell Aarbecht.

Dës Konte presentéiere sech an zwee Dokumenter, eng Kéier de Bilan an eng Kéier de Compte des revenus et charges. Ech wëll lech déi honnerten an déi dausenden Zuelen hei erspueren - déi kënnt Dir am detailléierte Rapport noliessen. Mä ech kommen awer net do-laanscht, déi wichtegst Zuele ganz kuerz hei ze ernimmen, fir dass een awer och an den Dokumenter vun der Chamber eng Kéier déi wichtegst Zuele vum Exercice 2002 zrëckfënnt.

Ech géing ufänke mam Bilan. Do hu mir am Actif circulant Créancé vun 314.121,55 Euro. Mir haten op den 31.12.02 op de Banken an an der Keess 5.319.082,68 Euro. Mir haten um Compte de régularisation actif 936.191,40. Dat ass en Total vum Actif vun 6.569.395,63.

Dann de Passif. Fonds propres, excédent budgétaire cumulé: 2.557.217,76; Provisions pour risques et charges - dat ass de Fonds de réserve Assurance accident -: 49.578,70. Dann eng Rei Detten: 1.200.292,22. Dépôt de garantie fir d'PCen: 10.411,53; Frais de photocopieur à payer: 9.182,76; Frais mobilier de bureau à payer 49.154,12; a Frais de publication à payer: 14.924,70, plus dann den Excédent des revenus sur les charges vun 2.678.633,84, sou dass den Total vum Passif dann d'selwecht ass wéi dee vum Actif, nämlech 6.569.395,63.

Dann d'Comptes des revenus et charges. Bei de Revenuen: Crédits budgétaires, déi mir vun der Regierung kritt haten: 24.137.562; Zën-sen, déi mir kritt hunn, well mir awer eng relativ gutt Reserv hunn, Zën-sen also vun 455.747,82; aner kleng Recetté vun 465,78 Euros; Produits exceptionnels 322.343,91. Dat mécht en Total des revenus vun 24.916.119,51.

Bei de Charges, déi sech op den Exercice rapportéieren: 22.223.296,68 Euro; Charges exceptionnelles 14.188,99; an den Total vun de Charges dann 22.237.485,67. Da fanne mir och hei erëm de Benefiss zrëck mat 2.678.633,84, fir dat Ganzt an den Équilibre ze bréngen.

Wat ëmmer spannend ass, dat ass eng Kéier ze vergläichen, wéi d'Évolutioun vun engem Exercice op deen aneren ass. Dofir ganz kuerz de Verglach vun 2002 vis-à-vis vun 2001. Do sinn insgesamt d'Dépenses an der Chamber ëm 6,72% an d'Luucht gaangen. Déi si séier erkläert, eng Kéier duerch eng Indextranche, eng Kéier duerch den Accord salarial vum 22. Juli 2002, deen natierlech och fir d'Chamber gëllt, an déi drëtt Mehrausgab ass, well am Joer 2002 de Fernseh ugefaangen huet ze funktionéieren hei an der Chamber. Ech kommen herno awer nach eng Kéier op d'Fräen insgesamt vun deem Beräich zrëck.

Grad esou spannend ass et och ëmmer ze kucken, wat am Budget stoung a wat mir schlussendlech als Chamber dann um Enn vum Joer ausginn hunn, an do ass och schonn no mehreren Exercicen dëst Joer eigentlech och erëm eng gutt Nouvelle ze vermelden, dass mir nämlech fir 2002 8,98% ënnert dem Budget bliwwen sinn. Dat wär vläicht eppes, wat och d'Regierung sech eng Kéier kéint als Zil setzen. Op jidde Fall, mengen ech, gi mir domat als Chamber mam gudde Beispill vir a bréngen et fäerdeg awer ënnert de Budgeten ze bleiwen.

Ech géing da ganz kuerz nach op déi eenzel Sektouren agoen, lech den Total matdeelen, a just vläicht déi eng oder aner spannend Zuel relevéieren. Eng Kéier an der Sektouren A vun den Deputéierte sinn



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
www.chd.lu  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live